# FAQ BitzDoheem

Merci, datt Dir Iech fir d'Aktioun BitzDoheem gemellt hutt. An dësem Dokument fannt Dir Äntwerten op déi wichtegst Froen zum Projet. Wann Dir weider Froen hutt, zéckt net, iech op der Hotline (27 40 40 14) oder op bitzdoheem@sil.lu ze mellen. D'Aktioun BitzDoheem gëtt vun der FNEL an den Lëtzebuerger Guiden a Scouten an Kooperatioun mat der Post koordinéiert an d'Hotline vun deenen zwou Scoutsorganisatiounen benevole geréiert.

## Kréien ech Material geliwwert fir d'Masken?

Nee, dir musst op Ären eegenen Materialstock zréckgräifen.

## Wou fannen ech en Schnëttmuster fir d'Masken?

Den Ministère de la Santé huet en Tutorial erstallt, deen dir op folgenden Plazen fannt :

- En Annexe zu dësem Dokument
- Op den jeeweilegen Homepagen vun den Scoutsorganisatiounen:
    - https://www.fnel.lu/bitzdoheem
    - https://news.lgs.lu/2020/03/29/opruff-maskebitzaktioun/
    - https://sil.lu/bitzdoheem/

## Muss ech genee dat Schnëttmuster huelen?

Nee, wann Iech en anert Schnëttmuster besser läit, kënnt Dir och en Anert huelen.

Dir musst och net onbedéngt Lastiker huelen, et kënnen gären och Bännercher sinn.

Et muss och net onbedingt en Drot oder en Filter an d'Mask agebitzt ginn.

## Muss ech d'Masken wäschen, ier ech se an d'Këscht maachen?

Nee, d'Masken ginn vun deenen Leit gewäsch, déi se herno kréien.

## Wéini a wou muss ech d'Masken ofginn?

Dir kritt vun der Post eng Këscht geliwwert, wou dir d'Masken herno kënnt dran maachen. Wéi Dir Iech bei der Aktioun BitzDoheem ugemellt hutt, hutt Dir en Datum uginn, wou d'Post déi Këscht nees soll ofhuelen.


a.s.b.l., anciennement « Luxembourg Boy Scout Association »
membre-fondateur de l'Organisation Mondiale du Mouvement Scout
Boîte postale 330 L-2013 Luxembourg www.scout.lu
Compte : BGLLLULL LU37 0030 8893 4785 0000

Deen Dag setzt dir d'Këscht bei Är Dier. Den Bréifdréier hëlt d'Këscht dann mat.

Schreift w.e.g.

***#BitzDoheem***
***D'UNZUEL VUN DEN MASKEN AN DER KËSCHT***
***Chargés de production***
***Centre de tri***

op Är Këscht drop. Dëst vereinfacht d'Logistik vun den Këschten.

**Wat maachen, wann deen Dag schlecht Wieder ass?**

Wann d'Wieder deen Dag, wou den Pak soll ofgeholl ginn, schlecht wier, kënnt Dir d'Këscht dobannen halen. Den Bréifdréier schellt dann an Dir kënnt den Pak dann bei d'Dier stellen an den Bréifdréier kënnt en duer sichen. Esou gëtt all direkten Kontakt evitéiert.

**Ech wunnen an enger Residence an wëll den Pak net an der Entrée stoen loossen.**

D'Bréifdréieren sinn gebrieft, datt si an esou engem Fall op deem Dag, deen Dir als Ofhueldatum uginn hutt, schellen sollen, fir den Pak sichen ze kommen.

**Ech hunn COVID-19-Symptomer, stinn ënnert Quarantaine oder sinn positif getest. Kann ech awer matmaachen?**

An dësem Fall géife mer Iech bieden, net bei dëser Aktioun matzemaachen, bis Ären Dokter Iech et erlaabt.

**Wat geschitt mat deenen Masken?**

Si ginn op Décisioun vum Ministère de la Santé verdeelt.



a.s.b.l., anciennement « Luxembourg Boy Scout Association »
membre-fondateur de l'Organisation Mondiale du Mouvement Scout
Boîte postale 330 L-2013 Luxembourg www.scout.lu
Compte : BGLLLULL LU37 0030 8893 4785 0000